



meeschteren aus dem Süde respektiv all déi, déi op Monnerech geliwwert hunn, dass déi, wa se amgaange sinn, Bauprojeten ze maachen, ob dat am Déifbau oder am Stroossebau ass, sech sollen hir Gedanke maachen.

Dofir ass an eisen Aen eng schnell Äntwert vun der Regierung wichteg, fir ze kucken, wat fir Konsequenzen dass d'Zoumaache vum där doter Deponie op de gesamte Bausecteur am Süden huet.

Meng drëtt Fro ass also, dass Der eis vläicht e bësse méi erläutert, wat Der ënnert deem Warnsignal verstitt.

Meng véiert Fro, dat ass, wat fir Mesuren dass d'Regierung kuerzfristeg wëllt huelen, a wann ech vu kuerzfristeg schwätzen, da schwätzen ech innerhalb vum nächste Mount, well ech mengen, dass innerhalb vum nächste Mount eng Äntwert muss kommen, ob eppes geschitt oder ob näischt geschitt.

Wann nämlech näischt geschitt, da fäerten ech, dass dat eng nach net iwwersehbare Konsequenz op de Bauvolumen an engem gewëssenen Deel vum Land wäert hunn. Et ass op jidde Fall fir mech absolut inakzeptabel, datt e Projet, deem annerhallef Millioun kascht huet, 300.000 Euro méi deier gëtt, andeem ech soss näischt maachen, wéi Bauschutt duerch d'Land ze féieren, ouni Plus-value fir d'Land, ouni Plus-value fir d'Gemeng. D'Konsequenz wäert déi sinn, dass deem een oder deem anere Projet net wäert gebaut ginn.

Aus deene Grënn wär ech frou, ech weess, dass dat vläicht net haut méiglech ass, mä dass een an absehbarer Zäit, also an deenen nächsten zwou bis dräi Woche wierklech konkret Äntwerten op déi Froe géif kréien, fir déi eenzel Bauträger, ob dat ëffentlech oder privat Bauträger sinn, an d'Mesure ze setzen, fir hir Konsequenzen ze zéien aus dem Mangel u Méiglechkeete respektiv der verdeierter Duerstellung vun deene Méiglechkeeten, fir deem Rechnung ze droen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Wolter. D'Madame Ëmweltminister Carole Dieschbourg huet direkt d'Wuert.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn elo fir d'Éischt virun Iech, an, Här Wolter, ech muss wierklech soen, ech soen Iech eigentlech villmools Merci fir déi dote Fro, well ech immens frou sinn, datt ech haut kann u sech hei schwätzen, well et e Sujet ass, deem eis alleguerte concernéiert.

Dir hutt déi Froe richteg gestallt. An u sech sinn dat Froen, déi u sech eis Ierfschaft betreffen, déi mer geierft hu vun deene Ministeren, déi virun do waren, well déi Bauschutt-deponië sinn net an honnert Deeg komm.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - An ech muss awer éierlech soen, ech si guer kee Fan vu Polemik. An dofir, no där klenger Remarque, géif ech gäre ganz sachlech drugoen. Well et geet elo drëms, no vir ze kucken, ze soe ganz kloer, och eiser Bevölkerung: D'Situatioun ass ënner Kontroll. D'Experte sinn ab der éischter Stonn virun Uert gewiescht. D'Acteuren hu bis ewell alleguerten Hand an Hand zesummegeschafft.

Ech soen de Gemenge Merci. Ech soen all eisen Administratiounen Merci, déi hiren Asaz do gewisen hunn. D'Firma huet mat eis exemplaresch zesummegeschafft. An ech muss Iech soen, dass säit leschten Donneschdeg Owend a Freideg eng ganz jett Stonnen dorunner geschafft goufen, fir fir d'Sécherheet vun den Awunner ze suergen, dass déi Saach op Niveau vun de Gemengen, vun der Buergermeeschtesch, déi och nei am Amt ass, gutt geléist gouf. Mir stinn alleguerten an engem enke Kontakt.

Et ass wouer, op där Décharge sinn am Dag 400 bis 500 Camionen eropgefuert. Et ass esou, dass viru Kuerzem d'Décharge Helleng bei Beetebuerg-Diddeleng zou ass. Dat huet e Plus un Trafic bedeit. An et ass och esou, datt déi éischt Konsequenz, déi ech als Ministesch gezunn hunn, fir d'Sécherheet ze garantéieren, déi war, datt ech nach de Freideg de Mëtteg sur place war, zesumme mam Camille Gira, a mir hunn de Bedreier am Dialog, awer och an eise Amt en Arrêté iwwerginn, mat deem mer u sech all Aktivitéit, déi mat der Exploitation vun dem Site ze dinn huet, ënnerbannen hunn, soudass just nach Sanéierung a Präventiounsmoossnamen op deem Site erlaabt sinn.

Et muss een awer och soen, dass déi Décharge vum Kommodo hier an der Rei war an dass d'Zesummenaarbecht exemplaresch war.

Firwat hunn ech gëscht déi Äusserung gemaach vum Bauschutt a vu Warnsignal? Majo, ganz einfach: Dat ass näischt, wat mer eréischt säit gëscht wëssen. Mir produzéieren hei a Lëtzebuerg pro Dag 18.000 bis 20.000 Tonne Bauschutt. Dat ass es vill, well dat sinn zwou Gizeh-Pyramiden am Joer. Do leie mer immens wäit vir.

An dat ass net nëmmen, fir elo nëmme kuerzfristeg Léisungen ze fannen, fir vun engem Dag op deen aneren ze kucken.

Neen, mir mussen, an do soe mer erëm, all Acteuren zesummen, thematiséieren, wéi mir hei bauen, wéi déif mir an de Buedem ginn a wéi vill Buedem mer hunn a wéi mer wëllen an Zukunft dat doten ugoen, fir datt mer net d'nächst Kéier erëm viru genau esou engem Problem stinn, dee mer elo haut aktuell hei hunn, an zwar deen, dass mer am Süden eigentlech just nach eng Méiglechkeet haten, an déi huet elo duerch deen heiten Eventement, deem Der richteg beschriwwen hutt, missen zougemaach ginn. An elo muss mer ganz schnell - an dat ass eng Situatioun, déi eis wierklech och um Härzer läit - engersäits fir d'Sécherheet suergen, anerersäits ganz schnell Léisungen fannen. An ech kann Iech soen, mir ware scho relativ wäit um Kucken.

Am Moment, dat hutt Der der Zeitung schonn entholl, sinn zwou Prozeduren, déi ganz um Ufank sinn, um Instanzewee, sinn agereecht. De Kommodo ass agereecht fir e Site zu Stroossen a fir e Site zu Suessem, de Site genannt Gadder-scheier. Déi sinn agereecht, sinn awer ganz um Ufank vun der Prozedur.

Mir hunn eis mat eise Leit zesummegesat, an ech wëll Iech och an aller Transparenz eben hei soen, wat elo gemaach ginn ass: Mir hunn eis zesummegesat, dat heiten ass nämlech eng Saach, déi souwuel d'Santé wéi mech betrëfft, wat d'Sécherheet vun de Leit ugeet, an dann awer och d'Ekonomie an den Ëmweltministère, mat deene mer zesummen no Léisungen gesicht hunn a mat deene mer zesumme kucken, wéi mer dat heiten ugin.

Dofir hat ech de Méindeg de Moien e Rendez-vous mam Etienne Schneider a mat eise Beamten, a mir hunn no schnelle méigleche Léisungen gesicht. Eng Méiglechkeet wier, dass mer, wann all Concernéiert, déi mer mëttlerweil kontaktéiert hunn, averstane sinn an hiren Accord dozou ginn, de Site Suessem iwwer eng Testphas kontrolléiert opmaachen. Déi Testphas géif sechs bis zwielef Méint daueren. No sechs Méint gëtt eng Evaluatioun vum Site gemaach. Parallel gëtt d'Kommodosprozedur lancéiert. Alles an bonne et due forme an a Kooperatioun mat allen Acteuren. An da kucke mer, dass mer an deene schnellsten Délaien déi doten Dossiere prioritär behandelen, well eis duerchaus bewosst ass, dass mer mussen schnell handeln.

Dat heescht, eng Léisung läit op der Hand, an elo si mer an den aktive Gespréicher. A fir déi brauche mer e puer Deeg Zäit. Et ass esou, dass de François... Mir haten och schonn eng Réunion mat Ponts & Chaussées, well den Accès muss garantéiert ginn. Et ass och esou, dass mer keng Verschlechterung fir d'Awunner vu Suessem zum Beispill wëiten hunn. Do muss mer kucken, wéi eng Infrastrukturmoossnamen do fälleg sinn. Do hat ech de Moie mam François Bausch a mat enger ganzer Equipe schonn e Meeting. Mir ginn zesummen nächste Méindeg an de Gemengerot. An esou wäerte mer relativ schnell et packen, och Alternativen ze fannen, well et ass net esou, dass eis dee Problem net bewosst ass.

Jo, ech hoffen, datt ech Iech e bësselche konnt driwwer kloerheet ginn, wat mer maachen. Mir sinn amgaangen, ëmmer parallel all Acteuren ze informéieren. Mir sinn amgaangen, am Dialog mat jiddwerengem Léisungen ze sichen, déi och funktionnéieren.

An dann, drëttens, wa mer déi kuerz an à moyen terme Saache behandelt hunn, wäerte mer och missen thematiséieren, an dat mat der Wirtschaft, wéi mer an Zukunft hei a Lëtzebuerg wëlle wuessen, d'Aart a Weis fir ze wuessen, d'Aart a Weis fir ze bauen, wou d'Gemenge maassgeblech bedeelegt sinn, wéi ee Réseau mer hu vun Déchargen.

Et ass och net esou, dass mir nëmmen zwou Léisungen diskutéieren. Mir maachen eis Aen an Oueren an all Richtung op, fir dass mer an Zukunft esou eng Situatioun hei a Lëtzebuerg net méi hunn. Mir wäerten do mat allen Acteuren schwätzen, d'Gemenge sensibiliséieren.

An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet. Ech sinn awer och wierklech bereet, Iech nach eng Kéier, och duerno nach Auskunft ze ginn, sollten elo nach Froen op sinn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Ëm-

weltministesche. Den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, huet d'Wuert nach gefrot.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt kuerz dem honorabelen Här Wolter awer och nach soen, well déi Fro och elo opkomm ass, datt, wat d'Strooss ubelaangt tëschent Esch a Monnerech, mer och net drop gewaart hunn, bis mer déi Fro gestallt kritt hunn, ier mer do no Léisungen gesicht hunn. An net méi spéit wéi haut de Moien hunn ech d'Ponts & Chaussées beoptraagt, fir ze kucken, provisoersch Léisungen ze sichen, datt dee Verkéier do erëm esou séier wéi méiglech ka flëssen.

► **M. le Président.** - Merci och dem Nohaltegkeetsminister. Parole après ministre.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Et betrëfft déi Remarque vum Här Bausch, den Ufankssaz.

Ech hat net d'Impressioun, datt ech bei der Froestellung, déi ech gestallt hunn, iergendee Reproche gemaach hätt, datt een op iergendeng Fro hätt missen äntwerten. Ech hunn eigentlech als Deputéierten d'Regierung just gefrot, wat se wëlles hätt ze maachen. Ech stellen och fest, mä ech akzeptéieren dat awer, dass d'Madame Dieschbourg an deem Moment op e puer vun de Froen, déi ech gestallt hunn, keng Äntwert konnt ginn. Dofir géif ech hir se nach eng Kéier wëlle stellen, fir dass se se vläicht och schrëftlech eng Kéier ka beäntweren.

Dat ass, opgrond vu wat fir Etüden datt se zur Iwwerzeegung kënn, dass dee Bierg elo stabil ass. Do hätt ech gären eng Äntwert drop.

An dann hätt ech gären eng Äntwert drop, wat mat deene Masse geschitt, déi elo gerutscht sinn. Well déi mussen jo iergendwann eng Kéier wechgeholl ginn. Dat sinn enorm Massen, déi do mussen wechgeholl ginn. Wann ech kucken, wou mer an de Prozeduren dru sinn, da schéngt dat mer eng länger Geschicht ze ginn.

Doraus ergëtt sech meng drëtt Fro, déi ech och gären iergendwann eng Kéier beäntwert hätt: Wat fir Konsequenzen dat op d'Schoul huet, déi net accessibel ass zurzäit. A wann dat, wat ech mer als klengen Deputéierten dann esou u Gedanke maachen, richtig ass, da wäert déi Strooss och eng Zäitchen net méi kënne fir den Trafic opgoen. Esou dass et och vläicht generell interessant ass, gewuer ze ginn, net haut, mä an deenen nächsten Deeg, wat da mat där Schoul geschitt.

Fir de Rescht - op déi Fro, wat kuerzfristeg geschitt, huet d'Madame Minister mer eng Äntwert ginn. Ech wär awer frou, wa meng dräi éischt Froen, déi ech gestallt hunn, och eng Äntwert géife kréien.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Wolter. Ech wollt just soen, dass mer hei net an enger Question avec débat sinn, mä an enger Question urgente. An ech mengen, den Här Wolter hat vun Ufank u seng Froe relativ kloer gestallt an d'Madame Minister huet sech verpflichtet, op déi Saachen, déi nach net direkt kënne beäntwert ginn, nodréiglech ze äntwerten. Domat si mer, mengen ech, um Enn vun där Question urgente ukomm.

An ech géif zum nächste Projet vun eise Ordre du jour iwwergoen, de Projet de loi 6616 iwwert d'Ëmsetzung vun dräi Direktiven am Fiskalberäich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech hunn am Moment d'Aschreiwung vum der Madame Elvinger an dem Här Reding. An d'Wuert huet direkt d'Madame Rapportrice, d'Viviane Loschetter.

12. 6616 - Projet de loi

portant transposition

- **de la directive 2009/133/CE du Conseil du 19 octobre 2009 concernant le régime fiscal commun applicable aux fusions, scissions, scissions partielles, apports d'actifs et échanges d'actions intéressant des sociétés d'États membres différents, ainsi qu'au transfert du siège statutaire d'une SE ou d'une SCE d'un État membre à un autre;**

- **de la directive 2011/96/UE du Conseil du 30 novembre 2011 concernant le régime fiscal commun applicable aux sociétés mères et filiales d'États membres différents;**

- **de la directive 2013/13/UE du Conseil du 13 mai 2013 portant adaptation de certaines directives dans le domaine de la fiscalité, du fait de**

l'adhésion de la République de Croatie;

portant modification

- **de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;**

- **de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;**

- **de la loi modifiée d'adaptation fiscale du 16 octobre 1934**

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass e ganz technesch Projet, e betrëfft dräi Direktiven.

De Projet ass den 20. September 2013 déposiert ginn, also kuerz virun de Wahlen. Entretemps huet de Statsrot weidergeschafft an en huet säin Avis den 22. Oktober 2013 ginn. A mir hunn ons an der Commission des Finances et du Budget de 25. Februar 2014 mat deem Projet beschäftegt, wou ech och als Rapportrice genannt gi sinn. Mir hunn de Projet adoptéiert den 11. März 2014.

Ëm wat geet et an deem Projet? Et geet drëms, fir dräi Direktiven an nationalt Gesetz ëmzesetzen. Et muss een awer wëssen, datt déi Direktiven elo net Neiland bréngen, mä datt déi Direktiven, déi dräi nei Direktiven eigentlech bestehend Direktiven ersetzen.

Déi éischt nei Direktiv ass d'Direktiv 2009/133, déi ersetzt dann och d'Direktiv 90/434, an do geet et haaptsächlech ëm Steierregimer, commun, ëm d'Fusiounen, wat d'Fusiounen betrëfft, wat d'Scissionen, wat d'Scissions partielles betrëfft, wat d'Apports d'actifs an d'Échanges d'actions betrëfft vu Sociétéite vum États membres a verschidden États membres, awer och den Transfert ebe vum Siège vu Sociétéiten, europäesche Sociétéiten a vun europäesche Kooperative vum engem État membre an en aneren.

Firwat hu mer déi nei Direktiv? Majo haaptsächlech, well mer domadder also d'Adhésion hunn, also verschidden Akte vum der Adhésion vun Éisträich, Finnland, Tschechesch Republik, Estonien, Zypern, Lettland, Litauen, Ungarn, Malta, Polen, Slowenien a Slowakei, déi där Direktiv do bäigetragt sinn, wann ech mech esou kann ausdrécken. An déi do Direktiv adaptéiert dann och eben d'Traitéen, op déi déi Direktiven opgebaut waren.

Déi zweet Direktiv, déi mer hei an nationalt Gesetz ëmsetzen, ass d'Direktiv 2011/96, déi ersetzt d'Direktiv 90/435. Do geet et och ëm de Régime fiscal commun applicable souwuel fir Sociétés mères a fir d'Filialen a verschidden EU-Länner. An et ass u sech eng Refonte vun där aler Direktiv. Déi do Direktiv ass en vigueur getragt schonn den 18. Januar 2012, a si ass haaptsächlech och dofir do, fir verschidden Dispositionen, déi vum Conseil ugeholl gi sinn, conformément zu Prozeduren, déi mam Traité ze dinn hunn.

Déi drëtt a lescht Direktiv, déi hei an nationalt Gesetz ëmgesat gëtt, dat ass eng, déi modifiéiert eigentlech verschidden Direktiven, wat déi direkt Steier an indirekt Steier ubelaangt an dat duerch de Grond, well Kroatien der EU bäigetragt ass, an déi Direktiv ass jo och duerch dee Baitrëtt den 1. Juli 2013 ebe komm.

Den Avis vum Statsrot ass zimlech einfach. En huet weiderhin näischt ze vermierken, vu datt mer jo ganz einfach technesch Direktiven duerch nei technesch Direktiven ersetzen.

D'Chambres professionnelles hunn eigentlech och net vill bäizedroen. Interessant ass et awer, datt d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics en Avis dozou gemaach huet. Si hu matgedeelt, datt se eigentlech et flott fannen, datt duerch déi do Direktiven eigentlech et e weidere Schrëtt an d'Harmonisation vum de Steiargesetzer vum de verschiddenen EU-Membere geet. Si hunn awer direkt am nächste Saz och gesot, datt dat eigentlech den Ausdrock wier vun enger neoliberaler Steierpolitik. Dont acte.

D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hunn hiren Accord och zu deem Gesetz ginn.

An ech géif dann och domadder den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Gesetz ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Rapportrice. An als éischten ageschriwwene Riedner huet den Här Roth d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här Pre-



sident. Ech soen der Madame Rapportrice, der Madame Loschetter Merci fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Si huet zu Recht gesot, dass et en technesche Projet ass, deen awer op engem sensibele Punkt vun eiser Steuer-legislatioun, nämlech dem Regime vun de Mères filiales eng Upassung mécht, déi berout op der Rechtsprechung vun der Cour de Justice européenne.

Wat d'Statsbeamtegewerkschaft gesot huet, dass dat eng neoliberal Steuerapproche ass, dat ass net déi vun der Lëtzeburger Regierung, mä mir hunn einfach déi Direktiven, déi an deem Sënn geholl goufen zu Bréissel, déi hu mer zu Lëtzebuerg ëmgesat.

An ach eng lescht Remarque, dat ass déi...

(Interruption)

Jo. Déi lescht Remarque ass déi, si huet verweisen op den Avis vun dem Statsrot. An de Statsrot huet eigentlech drop opmierksam gemaach, dass mer hei eng Retroaktivitéit hunn, nämlech dass déi Gesetzgebung hei op den 1. Juli 2013 zrëck verweist, wou de Statsrot oft kritesch ass. Mä hei seet en, dass den Traitement fiscal, deen uviséiert ass, dass deen eigentlech méi favorabel ass. An dofir gëtt de Statsrot och do seng Zoustëmmung.

Fir de Rescht ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun, well dëse Projet de loi nach vun dem fréiere Finanzminister, dem Luc Frieden abuecht ginn ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Roth. Den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Och ech géif gären der Madame Loschetter Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport an dëser ganz technescher Matière. Si huet vill Mérite, fir dass d'Leit hir do nolauschten. An ech mengen, si hätten dat ganz gutt gemaach.

Et ass, wéi se sot, e ganz technesche Projet de loi. Et geet hei ëm Directives d'adaptation an d'Konsolidatioun vu bestehenden Direktiven, op verschidden Adhésiounen hin. An ech mengen, et gëtt do net weider schrecklech vill derzou ze soen.

Och ech géif da gären am Numm vun der LSAP-Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. D'Madame Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).**- Merci, Här President. Ech géif dann och der Rapportrice, der Madame Viviane Loschetter villmools Merci soe fir hiren exzellente schrëftleche wéi och mëndleche Rapport. An ech géif dann och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Elvinger. Den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo, Här President, et stëmmt wuel, dass dee Projet hei eng reng technesch Aféierung vu gewëssen Direktiven an eist Steiergesetz bedeit. Et ass ënner anerem de Projet drënner iwwert de Régime fiscal vun de Bezéiungen tëschent Sociétés mères a Sociétés filiales, iwwert d'Hin-an-hier-Schibe vu Benefisser, wou herno dobäi erauskënnt, dass d'Benefisser nëierens zum eigentlechen Taux, wéi se misste besteiert ginn, besteiert ginn!

Lëtzebuerg huet iwwregens eng zentral Funktioun an deene Mechanismen do. Trotzdeem ass gesot ginn, deemools am Europaparlament 2011, dass et awer eng minimalistesch Approche ass a Richtung vun enger méi grousser Harmoniséierung vun de Steieren an Europa, déi eigentlech duerch den Traité vu Lissabon ënnersot ass. Et ass awer och gesot ginn, dass dat hei d'Abusen, déi bestinn, quer net beseitegt, dass souguer nei Niches fiscales geschafe ginn.

Firwat mir eis wäerten enthalte bei deem Projet hei, dat ass, dass mer eis net solle berouege loossen duerch dat, wat hei geschitt. Grad Lëtzebuerg als ee vun de grouse Finanzzentren, deen och vill op déi Mechanismen do zrëckgräift, misst eng aner, vill méi aktiv Approche dozou hunn an am Fong geholl vill méi wäit goe wéi dee minimalistesche Konsens, deen do aus deenen Direktiven hei ervirgeet.

Wann ech awer zum Beispill liesen, wat am Regierungsprogramm doriwwer steet, dass nach weider soll an déi Richtung geschafft ginn, dass nach weider Sociétés mères, Sëtzer vu Gesellschaften hei sollen ugezu gi mat neie fiskale Mechanismen, déi zum Deel och déi heite Mechanismen ëmgoe wäerten, dann hunn ech meng gréisste Bedenken, ob iwwerhaapt mer eis bewosst sinn, dass mer heimadder dee richtige Schrëtt maachen a Richtung vu méi staarker Kontroll vun deem, wat do op deem Terrain do geschitt.

► **Une voix.**- Ganz richtig!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Mir sinn domat um Enn vun eiser Diskussioun an d'Wuert huet d'Regierung, den Här Finanzminister.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren Deputéierten, Merci fir Är Kontributionen, haaptsächlech der Rapportrice, der Madame Loschetter fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport.

D'Matière ass effektiv technesch. Mä wéi richtig ënnerstrach ginn ass, gehéiert dat zum Arsenal, wat eist Land ka méi attraktiv maachen, andeem et Direktiven ëmsetzt. Also dat sinn hei ebe Gesetzter, déi op europäeschem Niveau gemaach gi sinn. A mir konforméieren eis eben deem, wat Europa décidéiert huet. A mir setzen dat esou ëm, dass mer kënne modern a kompetitiv sinn.

Ech wollt och ënnersträichen, wéi den Här Roth dat gemaach huet, dass mer hei e bëssen e spezielle Fall hu vu Retroaktivitéit. An ech begreissen, dass de Conseil d'État sech do ganz magnanime gewisen huet, well e gesot huet, dass en fait d'Situatioun vum Contribuable a vun de Gesellschaften jo hei verbessert gëtt, wann ee kann déi Direktiven invoquéieren. An dofir ass et gutt, dass mer dat esou maachen.

Et ass esou, dass d'Transpositioun tardive ass, mä d'Délaie waren effektiv ganz kuerz. A mäi Virgänger huet dat schëtzeg erageschéckt, mä déi Direktive waren effektiv ganz spët disponibel an d'Délaie ganz kuerz. Dofir och ass et utile, dass een déi Retroaktivitéit virgesinn huet.

Mir hunn och der Cour de Justice européenne hir Jurisprudenzen hei integréiert. A schlussendlech da vum Fait profitéiert natierlech, fir d'Adhésioun vu Kroatien hei an den Direktive virzugesinn. Dofir Merci un alleguerte fir d'Ennerstëtzung.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Finanzminister. A mer géifen dann iwwergoen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6616.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6616 et dispense du second vote constitutionnel

Ech lancéieren de Vote. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratioun.

De Vote ass ofgeschloss. 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen, déi largement motivéiert sinn. Domadder ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Claude Haagen), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseghe Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

A mer géifen dann zum nächste Projet... Entschëllegt, den Här Wolter.

13. Ordre du jour (suite)

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech hätt eng Fro zum Ordre du jour, wann Der erlaabt.

► **M. le Président.**- Jo, selbstverständlech.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech gesinn, datt elo en Débat d'orientation ass an duerno kommen nach sechs Projets de loi. An et ass net matgedeelt ginn, wat Usus normalerweis ass, dass, wann d'Séance sech no hallwer siwe géif verlängeren, dass dat géif geschéien, esou datt ech dovunner ausginn, dass eng ganz Rei Leit no hallwer siwen aner Obligatiounen ugehall hunn.

Kënnt Der eis eng Orientatioun ginn, wéi Der de weidere Verlaf vun der Séance géift virgesinn - well ech ginn dovun aus, dass eleng deen nächste Punkt, dass dee mindestens annerhalfe Stonn wäert daueren - a wéi et da virugeet, also eis uginn, anere Leit och, als Informatioun, dass mer eis kënne genee gegebenenfalls richten, well et sinn eng ganz Rei Leit, déi hunn den Owend, ab siwen Auer hunn déi aner Saachen ugehall. Entschëllegt, datt ech dat froen.

► **M. le Président.**- Dat ass guer kee Problem. Merci fir d'Fro. Mir géifen eis an deenen nächste Minute concertéieren a mir géifen dann esou schnell wéi méiglech eng Äntwert dorop ginn. Jiddefalls an där nächster Virelstonn, 20 Minutten, si mer doriwwer fixéiert. Merci fir d'Frostellung. Jo, den Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Mir kënnen och mat där Proposition d'accord sinn. Ech wëll awer soen, datt dat hei, de Programm vun haut an der Conférence des Présidents esou decidéiert gi war, wou och den CSV-Vize-Fraktionschef derbäi war. Mä mir hunn awer Verständnis fir déi Suergen, déi do zum Ausdrock bruecht gi sinn. A mir kënnen awer och mat där Propos d'accord sinn.

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Merci, Här Berger. Just als kleng Niewebemierkung: Mir hunn niewent deem Programm, dee mer haten iwwert d'Conférence des Présidents, deen een oder anere Punkt derbäigeholl gehat, esou dass eng Concertatioun awer, mengen ech, hire Sënn gëtt.

Voilà, dat gesot, géif ech zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, den Débat d'orientation iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech ginn direkt d'Wuert un d'Rapportrice weider, déi honorabel Madame Josée Lorsché. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Kaes, Negri, Graas a Gibéryen. An et ass net ze spët, fir sech bei mir ze mellen.

14. 6652 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Den Här Wiseler.

15. Ordre du jour (suite)

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech wollt soen, éier mer eis concertéieren: Wäer et net méiglech, d'Projete virzehuelen? Dat wär vläicht... Well, wa mer elo ugefaangen hu mat där anerer Debatt, ass et schwéier d'Concertatioun anescht ze maachen. Mä ech loossen dat Ärer Appréciatioun.

(Interruptions diverses)

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, ech hat dat och... Dofir hat ech gesot, déi Propos. Ech hat dat eigentlech esou verstanen, datt mer géifen d'Projets de loi virhuelen. Mä voilà, ech weess net...

► **Une voix.**- Dat ass eng gutt Iddi.

(Interruptions diverses)

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- D'Madame Lorsché huet sech preparéiert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- De Minister sëtzt do. Déi aner sinn net do.

► **M. le Président.**- Just als Niewebemierkung: Dat hei ass jo e wichtegt Element och an där Budgetdiskussioun, déi an e puer Wochen op eis duekënt. Jo, kommt mir fueren duer. Madame Lorsché.

► **Une voix.**- Très bien!

16. 6652 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État (suite)

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech versichen dann den Tempo vum Här Bettel unzewenden, da geet et méi séier.

Dësen Débat d'orientation geet zrëck op d'Joer 2006.

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Jo, entschëllegt. Entschëllegt, Madame Lorsché!

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Här President.

► **M. le Président.**- Jo?

17. Ordre du jour (suite)

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Ech hu wierklech elo net verstanen, firwat d'Madame Lor-

sché, mat all Sympathie, déi ech fir se hunn, firwat si elo d'Wuert kritt huet. Ech hu geduecht, mir géifen elo fir d'Éischt emol decidéieren, wéi de weidere Verlaf vun onsem Ordre du jour wier.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Genau.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Wann ech... an déi aner hunn dat och esou verstanen, an da gitt Dir der Madame Lorsché d'Wuert. An ech wëll déi net ënnerbriechen, mä wann den Débat bis ugefaangen huet, da kënne mer net méi eppes anescht decidéieren.

Dofir, mengen ech, misste mer ons fir d'Éischt eens ginn, wéi mir als Chamber elo virginn. An ech hat gemengt erauszespieren, vun deem, wat den Här Wiseler gesot huet, an och wat den Här Berger gesot huet, dass mer d'Projets de loi géife virhuelen.

An da wier meng Proposition, dass mer ons dann doriwwer géifen eens ginn an, wann et muss sinn, e Vote doriwwer huelen, wéi mer elo prodecidéieren, well dann ass Kloerheet.

► **M. le Président.**- Also, ech géif da proposéieren, dass mer eis Sëtzung fir zwou Minutten ënnerbriechen, ech mech mat de Présidente vun deenen eenzelne Fraktiounen gesinn a mer da virufueren.

(La séance publique est suspendue à 16.34 heures.)

(La séance publique est reprise à 16.37 heures.)

18. Ordre du jour (suite)

Sou, eis Sëtzung ass erëm op. No enger kuerzer Concertatioun mat de Fraktionspresidenten fuere mer normal mat eisem Ordre du jour weider. Mir hunn eis awer d'Wuert ginn, dass mer bis hallwer siwen, siwen Auer fueren, an déi Projeten, déi mer net evakuéiert kréien, déi kommen op eng nächst Sëtzung. Voilà.

Da géif ech och, esou wéi ech dat lancéiert hat, mat dem Débat weiderfueren an der Madame Josée Lorsché d'Wuert ginn am Accord mat sämtleche Fraktionspresidenten.

19. 6652 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État (suite)

Rapport de la Commission du Développement durable (suite)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Dir Presidenten an Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dësen Débat d'orientation geet zrëck op d'Joer 2006, wou op Initiativ vun der deemoleger Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes eng nei Prozedur agefouert ginn ass.

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- An ech géif bieten, der Riednerin opmierksam nozelauschten. Merci.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat ass richtig.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- D'Zil war, der Chamber méi Matsproocherecht beim Plange vu grësseren Infrastrukturprojeten ze ginn a méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun deene Projeten ze bréngen. Dat heescht, datt nei Infrastrukturprojete fir d'Éischt en Accord de principe vun der Chamber musse kréien, ier déi deementspriedend Pläng an Analyse kënne realiséiert ginn. Dat heescht natierlech och, datt d'Lëscht vun den neie Projeten der Chamber virgestallt muss ginn, fir datt d'Deputéiert sech e Bild kënne maachen a Positioun dozou bezéien.

Bis zum Joer 2009 huet déi Prozedur fir all Projet gegollt, dee 7,5 Milliounen oder méi sollt kaschten. Am Joer 2009 ass de Seuil dunn op zéng Milliounen gehuewe ginn. Doriwwer eraus muss fir all Projet, deen iwwer 40 Milliounen kascht, natierlech e speziell Gesetz ausgeschafft ginn. Et ass och festgehalen, datt d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire de finanzielle Suivi vun all deenen Infrastrukturprojete muss maachen. Dat bréngt natierlech mat sech, datt den zoustännege Minister där Kommissioun all sechs Méint e Rapport presentéiert iwwert déi finanziell Evolusioun vun all Projet, deen iwwer zéng Milliounen kascht.